REGULUS JUNIOR-CLUB

PROGRAMM

JANUAR – ABRËLL 2023



natur&ëmwelt a.s.b.l.

Regulus Junior-Club
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1 Fax: 29 05 04
jugend@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu

Dënschdes, den 17. Januar 2023

Déieren an hir Spueren

Wann een duerch d'Natur trëppelt, dann muss een mol ganz genee kucken, well vill Déieren schon virun engem do waren. An daat fannen mir eraus, andeems mir no Spueren sichen.

Auerzait:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier,
Haus vun der Natur

Alter:
6 bis 12 Joer

Onkäschten: 6 €

Dënschdes, de 7. Februar 2023

Mir berengen Vullen



Op der Fudderplaz am Bësch a beim Haus vun der Natur op der Kockelscheier beobachten a bestëmmen mir kléng Vullen. Duerno wäerten mir mam Ornitholog déi Vullen beréngen an erklären virwaat mir daat maachen.

Auerzait:
14.30-16.30 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur

Alter:
6 bis 12 Joer

Onkäschten: 6 €



Samschdes, de 11. bis Freides, de 24. Februar 2023

Naturbicher & co.

An der Fuesvakanz hutt dir d'Méiglechkeet verschidde Naturbicher am Biodiversum zu Remerschen ze entdecken. Et ginn Liesungen an awer och verschidde flott Aktivitéiten a Visitte gemaach.
Fir de genaue Programm kennen är Elteren en Email maachen un: biodiversum@anf.etat.lu



Donneschdes, den 16. Mäerz 2023

Mir bauen e Weidentunnel

Eng Weid (op däitsch: Weide) ass déi gréissten Zauberin ënnert de Beem an Sträicher. Ewéi keng aner Planz léisst sech eng Weiderut ganz gudd béien ouni ze briechen an wann een se an de Buedem stecht kritt si ganz schnell Wuerzel an get nees greng. Mir probéieren matt Weiderudden en Weidentunnel beim Haus vun der Natur ze bauen.

Auerzäit:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur

Alter:
8 bis 12 Joer



Onkäschten: 6 €

Dënschdes, den 21. Mäerz 2023

De Maulef

De Maulef as e ganz nëtzlecht Déier, wann do net déi Maulefskéip wären ..... Et kann een sech awer iwert e Maulef am Gaart freeën well wann hien do as, heescht daat dass de Buedem gesond as an dass et genuch klengt Gedéiesch fir ze friessen get. Hien frësst niewent de Wierm ganz gären Schleeken a Larven an as also ganz nëtzlech am Gaart.

Auerzäit:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
Haus vun der Natur

Alter:
6 bis 9 Joer

Onkäschten: 6 €

Dënschdes, den 4. Abrëll 2023

Igel, Eil, Bussard & Co.

Zu Diddeléng an eiser Fleegestatioun gi wëll Déieren, déi blesséiert sin, gesond gefleegt an dann nees an d'Natur ausgesat. Bei eisem Besuch an dëser Statioun kréien mir déi eemoleg Geleenheet eis einheimesch Eilen a Gräifvullen, Igelen, mee awer och aner wëll Déieren vu ganz no ze beobachten.

Auerzait:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Parc Le'h (Busarrêt)
Dudelange

Alter:
6 bis 12 Joer

Onkäschten: 10 €

Donneschdes, den 27. Abrëll 2023

Eilen – Meeschter an der Nuecht

Zesummen an engem flotten Quiz entdecke mir an eiser Eilenausstellung de Liewensraum vun den Eilen. Duerno analyséiere mir Eilekaz (Gewölle) ënnert der Lup.

Auerzäit:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Remerschen
Biodiversum

Alter:
8 bis 12 Joer

Onkäschten: 6 €

Méindes, de 24. bis Freides, den 28. Juli 2023

Camp écologique

am Naturpark Our

Mir erfuerschen d'Natur an d'Biodiversitéit am Naturpark Our. Mir wärten eng spannend Woch erliewen matt villen flotten Aktivitéiten. Iwernuecht gët am „Centre écologique et touristique Parc Housen".

Alter:
8 – 12 Joer

Onkäschten:
220 €

(bei Geschwëster ass d'Participatioun fir all weidert Kand nëmmen 120 €)



Numm: _____

Numm (Mamm) _____

Numm (Papp) _____

Adress: _____

Uertschaft: _____

Gebuertsdatum: _____ Telefon: _____

GSM (Mamm): _____ GSM (Papp): _____

Mail: _____

mellt sech un fir: (ukräize w.e.g. an zeréckschécken oder mailen un de Regulus Junior-Club)

O Déieren an hir Spueren
17.01.2023

O Mir berengen Vullen
07.02.2023

O Mir bauen e Weidentunnel
16.03.2023

O De Maulef
21.03.2023

O Igel, Eil, Bussard & Co.
04.04.2023

O Eilen – Meeschter an der Nuecht
27.04.2023

O Camp écologique 2023
24. – 28.07.2023

Fir d'Aktivitéiten, wou mir deng Participatioun zeréckbehalen hunn, kriss du eng Bestätegung per Flyer!

---

natur&ëmwelt a.s.b.l.

Regulus Junior-Club
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1
jugend@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu